PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 12/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

De leschte Berechnunge vum STATEC no (4te Mee 2022) kéint déi nächst Indextranche scho bannent deene nächste Méint falen. D'Indexéierung vun de Gehälter ass eng Kompenséierungsmoossnam fir de Kafkraaftverloscht no der Inflatioun (ex-post) ze kompenséieren.

Elo ass et awer esou, dass verschidden Institutiounen an Organisatiounen de Präis vun hiren Déngschtleeschtungen un den Index knäppen. Esou zum Beispill beim Fonds du Logement, wou d'Loyeren och zu engem Deel mat all Indextranche erhéicht ginn, esou wéi dat am ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 16ten November 1998 virgeschriwwen ass.

D'Locataire vu Sozialwunnenge si Persounen, déi finanziell schwaach opgestallt sinn. E puer Euro de Mount bedäite fir dës Leit vill Geld. De Fonds du Logement kéint deene Mënsche hier finanziell Situatioun liicht opwäerten, wann de Loyer net indexéiert wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen bezéien aktuell eng Sozialwunneng vum Fonds du Logement?
   Wéi huet sech dës Zuehl zënter 2017 entwéckelt?

2. Wéi vill Euro Loyer hëllt de Fonds du Logement duerch déi lescht Indextranche zousätzlech an?

3. Wéi vill Euro géif et de Staat pro Indextranche kaschten, wann een d'Loyeren bei Sozialwunnengen an Zukunft einfach net méi indexéiere géif?

4. Wäert d'Regierung d'Indexéierung vum Loyer bei Sozialwunnengen bis zum Enn vun hierer Amtszäit weider oprecht erhalen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député